Leandro : Den éischte Veräin ass ëmmer ganz wichteg. D'Freed ass nach risegrouss fir Football kënnen ze spillen. Et léiert ee Kollege kennen, déi éischt Trainer. An et ass alles bësse méi familiär wéi bei engem grousse Club. Dat huet mer schonn am Ufank vill bedeit an do hunn ech och nach wichteg Kollegen, déi ech haut nach hunn, hunn ech hei zu Ierpeldeng kenne geléiert an dat ass och wichteg fir mech.
Klack : Wat gehéiert dann dozou fir et an de Profiberäich ze packen? Et gi jo vill Jonker, déi Talent hunn an et awer net esou wäit packen. Wat géifs de deene Jonke mat op de Wee ginn?
Leandro : Dat wichtegst ass, dass ee kloer am Kapp ass, dass ee weess wat ee wëll an dass een och prett ass fir Saachen op ze ginn fir dann deen Dram weider ze liewen. Et muss een all Dag um Training kämpfe fir besser ze ginn an also ëmmer nach ee bessere Spiller ze ginn.
Klack : Hues de dann een normaalt Liewen awer? Du kanns der net erlaben all Weekend eraus ze goen.
Leandro : Nee, dat net. Fir mech war dat fréi kloer, dass ech wollt Profi ginn an da muss ee schonn op puer Saache verzichten. Ech kann net ëmmer eraus goen, natierlech kann ech net drénken. Fir mech war dat awer ni ee Problem an dofir war ech och do kloer am Kapp.
Klack : Wéi gesäit däin Alldag zu Mainz aus?
Leandro : Elo hunn ech nach Schoul, dat heescht Moies an d'Schoul bis ech Training hunn. Da ginn ech op den Training an nom Training erëm an d'Schoul a wann ech zweemol Training hunn, dann no der Schoul erëm op den Training. Owes sinn ech dann Doheem am Internat a komme bëssen erof.
Klack : Du waars elo puer mol am Kader, hues och scho gespillt, eng Kéier ee ganze Match (géint Leverkusen). Fills de dech wuel zu Mainz?
Leandro : Ech fille mech wuel do. Ech hunn zanter ech do sinn nach ni Problemer gehat. Natierlech muss een all Dag schaffe mä ech maache mer do keng Gedanken. Et läit just u mir.
Klack : Wann een déi éischte Kéier an der Bundesliga um Terrain steet a ganz Lëtzebuerg, ganz Ierpeldeng natierlech, kuckt op een, wéi fillt een sech dann do. Geet engem de Wapp?
Leandro : Ech wollt net nervös sinn, wëll wann een nervös ass, da spillt een normalerweis net gutt. Ech wollt alles ginn an ech mengen ech hu mäi bescht ginn. Et war dee gréisste Moment a menger Carrière bis elo an ech war natierlech opgereegt mat deene ville Supporteren. Et war schonn eng ganz aner Saach, mä och wa mer héich verluer hunn, war et awer eng gutt Experienz fir mech fir an d'Bundesliga eran ze kommen. An den Trainer war zefridde mat mir.
Klack : An d'Nationalequipe, erwaarts de der do, dass de elo och ëmmer méi spills?
Leandro : Ech trainéiere gutt, ech gi mäi bescht a wat kënnt dat kënnt, wat net kënnt, dat kënnt net.
Klack : Spills de och d'FIFA-Spill um Fernseh? Hëls de dech selwer als Spiller eran?
Leandro : Sécher spillen ech mat de Kollege FIFA an ech hu mech natierlech am Ufank och selwer agewiesselt fir ze kucke wéi ech ausgesinn a wéi ech spillen, wat meng Stäerkte sinn a wat net esou gutt ass. De Baart ass bëssen ze fett an d'Nues bëssen ze grouss.
De Leandro huet sech op der Sportleréierung ganz vill Zäit fir d'Jugendspiller vum FC72 geholl an huet sech an d'gëlle Buch vun der Gemeng agedroen.
Mir wënschen dem Leandro weider groussen Erfolleg an der Bundesliga an och mat Lëtzebuerg.



## Déi Bierdener Kanner ware liichten an heeschen

**02.02.2019**



**28.02.2019**







## 09 + 10.03 Burgbrennen











## Concert vun der Concordia a Maesch 10.03.2019



## Secondhand-Maart fir Kanner 15 + 16.03.2019







## 16.03.2019 Grouss Botz an der Gemeng









## Thé dansant a Maesch 24.03.2019



## Scheckiwwerreechung vum Yogaclub 04.04.2019








## 05.04.2019 Ausstellung David Chaboissier



## 05.04.2019 Ausstellung Molitor Caroline an Ansay Rina





## Gaardenausstellung
## Bourse aux plantes

**26-28.04.2019**

# Tendances Jardins







**Aktivitéiten a Manifestatiounen**

*Activités et manifestations*


# Tendances Jardins

**26-29.04.2019**

## Gaardenausstellung
## Bourse aux plantes







## Hämmelsmarsch zu Angelduerf

**27.04.2019**









**01.05.2019**

## 1.Mee Turnéier vum FC72 Ierpeldeng













## Meekranz 01.05.2019









Aktivitéiten a Manifestatiounen
*Activités et manifestations*

## 04.05.2019 Irish Folk Night








## Auditioun Museksschoul 22.03.2019











Aktivitéiten a Manifestatiounen
*Activités et manifestations*

## 09.05.2019 Ierpeldeng feiert den Europadag

Um Europadag, deen dëst Joer eng éischte Kéier een offizielle Feierdag war, hat d'Integratiounskommissioun op deen neie Camping „Gritt“ invitéiert. Europa ass jo ee Friddensprojet a Fridde gëtt et nëmme wa mer all zesummen halen an zesumme schaffen. D'Wieder hat sech net vun der beschter Säit gewisen, esou dass d'Jugendmusek vun der Concordia hire Concert huet missen dobanne spillen. Et waren awer ganz vill Leit komm fir deene jonke Musikanten an duerno dem Nico Haupert no ze lauschteren an natierlech och fir den Apero ze drénken, deen d'Integratiounskommissioun offréiert huet.













## Pompiersübung 11.05.2019






Samschdes den 11. Mee 2019 huet et an der aler Schoul zu Ierpeldeng gebrannt. Zwee Kanner hate mat Fixspéin gespillt an de Späicher wärend enger Musekspr ouf a Brand gestach. Gott sei Dank war dat ganzt just eng Übung vum CGDIS.
D'Pompjeeën hunn dovunner profitéiert, dass déi al Schoul den Ament eidel steet an deemnächst jo deen neie Musekssall do entsteet, fir eng gréisser Übung mat enge 70 Pompjeeën ofzehalen. An den Zeenario waren all méiglech Noutfäll agebaut ginn. Déi zwee Kanner, déi d'Feier ongewollt geluecht haten, haten sech an engem Schaf verstoppt an hu riskéiert z'erstécken. Am Proufsall vun der Musek, wou grad geprouft gouf, ass Panik ausgebrach an e puer Leit goufe blesséiert, respektiv haten eng Dampvergëftung. Schlussendlech koum et och nach zu enger Explosioun am Gebai mat weidere Verletzten.
Fir d'Pompjeeën ass et ëmmer wichteg Eeschtfäll esou realistesch wéi nëmme méiglech ze prouwen.
Merci dem CGDIS fir hiren Asaz Dag fir Dag fir d'Allgemengheet !





## 11.05.2019 Galaconcert








## Virtrag vum Mouvement écologique 16.05.2019

### “Wann d’Léierchen net méi séngt – Wat maache géint de Verloscht u Biodiversitéit?”

Virtrag mam Rosch Schauls a Claire Wolff, Biologen, aktiv am Naturschutzgrupp vum Mouvement Ecologique.

D’Klimaverännerunge sinn „à la une“, déi Jonk ginn derwéinst op d’Strooss. An dat ass gutt an immens wichteg!

Mee: do dernieft gëtt et en net manner groussen Challenge vun eiser Gesellschaft: den dramatesche Verloscht vun Aarten, natierleche Liewensraim an domat der Biodiversitéit. Wéi d’Klimaverännerung och, geschitt dat schläichend. Duerfir brauch et wuel och Zäit, bis et an d’Bewosstsinn vun eis all réckelt.



D’Verschwanne vun ëmmer méi Insektenaarten ass elo wuel fir eis all méi kloer ginn, mee deen Réckgang gëllt och fir eng ganz Rei vun aneren Déierenaarten.

Eis Kulturlandschaften veraarmen ëmmer méi ënnert dem Afloss vum Iwwerliewensdrock an deem eis Landwirtschaft steet, der ongebremster Urbaniséierung…

Wat ass d’Situatioun zu Lëtzebuerg? Wou leien d’Ursaachen fir déi alarméierend Entwécklung?

Wat muss geschéien z.B. an der Naturschutzpolitik selwer, an der Landesplanung, um Niveau vun der Landwirtschaft a bei de Pestiziden?

Wat ass de Roll vun der Politik, enger Gesellschaft, ONGen an dem Eenzelen?







## 21.12.2018 Chrëschtfeier vun der Schoul





## Kinosnomëtten am Centre Culturel Angelduerf 20.01.2019



Déi 6. Editioun vum Kinosnomëtten vun der E.I.S. stoung ënnert dem Zeeche vu grousse Leit: "Big Friendly Giant" huet de Film geheescht deen déi ronn 40 Kanner sech zesummen mat hire Schoulfrënn am Angelduerfer Kulturzentrum, mat Popcorn op Decken um Buedem, ugekuckt hunn.







## 25.01.2019 Liesowend an der Schoul & Scheckiwwerreechung




De 25. Januar 2019 war an der Schoul nees den traditionelle Liesowend.
Fir unzefänken, gouf et eng Scheckiwwerree-chung vu **5000 €** un d'Organisatioun CATCH A SMILE.

Dës schéin Zomm war am Dezember op der Chrëschtfeier vun der Schoul zesumme komm.
E grousse Merci un iech alleguer!



## Liesowend an der Schoul & Scheckiwwerreechung 25.01.2019

Duerno stoungen folgend lëtzebuerger Auteuren um Programm:
Cycle 1 : Susi Schmit
Cycle 2 : Potty Lotty
Cycle 3 : Rudi Schubert
Cycle 4 : Jeff Herr
Doniewt goufe nach eng ganz Rëtsch aner flott Aktivitéiten fir all Cycle ugebueden.
Mir freeën eis all lo schon op d'Liesnuecht 2020.









## 02.04.2019 Sundrive

Am Kader vun engem LTETT-Projet hunn d'Kanner vum Cycle 4 zesumme mat de Lycées-Schüler Solarautoen gebaut.
No deem flotten Atelier konnt all Kand säin eegenen Auto mat Heem huelen.






## C3 in Concert **03.04.2019**

E Mëttwoch, den 3. Abrëll, hat de Cycle 3 aus dem Schoulzentrum Ierpeldeng op säi Concert ënnert dem Motto „Karneval der Tiere“ an de Centre Culturel et Sportif invitéiert.
Dëse Concert war den Ofschloss vun engem Muséksprojet ënnert der Leedung vum Här Martin Folz aus dem CMNord vun Ettelbréck, dee während dem 2. Trimester an de Museksstonne stattfonnt huet.
Déi ronn 50 Schüler hu vill geprouft, hu ganz vill bäigeléiert, an hiert Kënnen hu si dann och beandrockend an enger flotter Show presentéiert, déi deene sëlleche Spectateure gutt gefall huet.
D’Enseignanten an d’Kanner ware vum Succès vun deem Owend iwwerwältegt, a soen all deenen e grousse Merci, déi si an hirer Aarbecht ënnerstëtzt hunn.









## Grouss Botz vun de Schoulkanner



## Eis Kanner sinn dofir: Haalt är Ëmwelt propper











Ierpeldeng un der Sauer

Elterevereenegung vum Ierpeldenger Schoulzentrum

Maison Relais Sauerschlass Ierpeldeng

# INVITATIOUN

D'Ierpeldenger Gemeng invitéiert Iech ganz häerzlech op d'

## Aweiung vun der BICHERKABINN

Freides, den 21. Juni 2019 um 15.30 Auer
zu Ierpeldeng hannert der Kierch




D'Bicherkabinn ass organiséiert ginn vun der Elterevereenegung vum Ierpeldenger Schoulzentrum "E.I.S."

an Zesummenaarbecht mat der Maison Relais "Sauerschlass" an der Crèche "Bierdener Butzen".

D'Bicherkabinn ass (bal) ëmmer op, fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener.

De Prinzip ass :

*Huel ee Buch mat!*
*Lies et!*
*Bréng et erëm oder*
*stell en anert amplaz!*

## No der Aweiung offréiert d'Gemeng e Patt.

Oppassen : D'Strooss "rue Kremer" ass vu 14 bis 18 Auer gespaart, fir d'Sécherheet vun de Schoulkanner ze garantéieren.








**„Mit einem Klick"**
**Die Region Éislek präsentiert sich im neuen Look!**

Die Region im Norden Luxemburgs ist ab sofort unter der Adresse ***„www.eislek.lu"*** zu finden. 6 Kategorien geben tolle Tipps und machen richtig Lust auf das Éislek. Klicken Sie sich durch und staunen Sie über die Vielfalt Ihrer Region.

Fonds européen agricole pour le développement rural : l'Europe investit dans les zones rurales

# Club Senior Nordstad

## Dabei sein – Spielnachmittage im Birkelhaus

In geselliger Runde kommen wir jeweils am letzten Donnerstag im Monat im Birkelhaus (Erpeldange/Sauer, rue Abbé Kalbersch) zusammen, um Karten- und Gesellschaftsspiele zu spielen. Bei guter Stimmung und dem nötigen Spielergeist wird von 14:00-16:00 eifrig gespielt und im Anschluss daran noch eine Tasse Kaffee mit einem Stück Kuchen angeboten. Neue Teilnehmer sind herzlich willkommen, es wird allerdings um Anmeldung gebeten. Auskünfte erhalten Sie im Club Senior Nordstad. Telefon 26813743













# Fréier an haut

## Café Brücher





# Concordia Ierpeldeng

### Concordia Ierpeldeng : Iwwer 135 Joer Musek a Gesank

De President. Fränz Jacobs, empfänkt d'Klack-Redaktioun am Musekssall, besser gesot am provisoresche Musekssall, an deen d'Concordia grad geplënnert ass, a wou deen Owend, déi éischt Prouf ofgehale gëtt. Mä doropper komme mer méi spéit zeréck. Kommt mir fänke beim Ufank un.
D'Concordia ass ee vun den eelsten, wann net esouguer den eelste Veräi vun Ierpeldeng. Wéi op ville Plazen am Land war et ee Schoulmeeschter, deen, am Ufank emol just ee Gesanksveräin, ee Männer-Gesanksveräin, ënnert dem Numm Concordia, gegrënnt huet . Den 22 Joer alen Nic Thurm gouf dann och selwer éischten Dirigent vum Veräin. Den éischte President war de Martin Conrad. Wärend de Weltkricher gouf et ëmmer erëm Ënnerbriechungen am Veräinslieewen, d'Masse sinn awer weider gesonge ginn.
Eréischt ronn 75 Joer no der Grënnung vun der Concordia koum och d'Musek derbäi. Et war 1961, wéi besonnesch déi jonk Sänger der Meenung waren, Musek géif nach besser mat Instrumenter klëngen an dofir sollt een och eng Musekssektioun an der Concordia grënnen. De 7. Juni 1961 goufen déi éischt Instrumenter kaaft an den Dag drop verdeelt. Op Caeciliendag war dann deen éischte Concert ënnert der Direktioun vum Alphonse Ramponi. Bis dohinner waren esouwuel am Gesank wéi an der Musek just Männer.

### Konkurrenz vum FC72 bréngt Fraen an d'Concordia

1972 gouf mam Football ee weidere Veräin zu Ierpeldeng gegrënnt: Den FC72 war an deem Sënn eng Konkurrenz fir d'Concordia, wëll déi jonk Männer zum Deel op eemol léiwer op de Footballs-Terrain, wéi an d'Prouf gaange sinn an d'Zuel vun de Musikanten ass ëmmer méi zeréck gaangen. Dorophi gouf decidéiert och Fraen an d'Musek opzehuelen. Ee gemëschte Chouer war déi Zäit awer nach schwéier denkbar an dofir ass de Gesank bis an d'90er Joren eng reng Männersaach bliwwen. 1993 ass awer och aus dem Männerchouer vun Ierpeldeng ee gemëschte Chouer ginn.
Bis haut si Musek a Gesank an der Concordia zesummen an engem Veräin, wat et esou net dacks (wann iwwerhaapt ?) am Land gëtt, Wann awer am Ufank souzesoen all Musikant och Sänger war, dann ass dat haut éischter seelen. Just nach 2 Museker sangen den Ament och an der Chorale mat. Et ass awer ëmmer flott, wa Musek a Gesank Saachen zesumme maachen, wéi zum Beispill de Chrëschtconcert.
D'Zukunft vum Gesank bleift ongewëss
Zanter 2012 gëtt et och eng Jugendmusek an der Concordia. Do spillen den Ament eng 10 jonk Meedercher a Jongen. Déi "grouss Musek" zielt 37 Musikanten an am Gesank sinn den Ament 19 Sänger aktiv. Wann de Gesank als renge Männerchouer ugefaangen huet, esou ass et haut ëmmer méi schwéier jonk Männer fir d'Sangen ze begeeschteren. Just 5 Männer sinn den Ament nach aktiv. Der Musek feelt et net un Nowuess, natierlech ass "d'Konkurrenz" vun anere Veräiner awer och grouss, sou dass mat der Zäit leider och ëmmer Jonker nees ophalen. Am schwéiersten ass et awer wéi gesot nei Sängerinnen a Sänger ze fannen. Just ee Student séngt den Ament bei der Concordia, déi aner Memberen si gréisstendeels iwwer 60 oder 65 Joer an et gëtt deemno ëmmer méi schwéier Massen oder Concerten, zemools 3 oder 4-stëmmeg ze sangen. D'Gefor ass also reell, dass de Chouer eng Kéier net méi, oder net méi wéi biswell ka funktionéieren. Wahrscheinlech musse Chéier, net nëmmen deen zu Ierpeldeng, an Zukunft méi zesumme schaffen fir z'iwwerliewen. De Concert viru kuerzem "A Maesch" vun der Concordia mat de Feierowend-Sänger vu Kolmer war ee gudde Beweis, dass dat déi richteg Pist kéint sinn.

### Musizéiere kascht vill Suen

Fir ze sange brauch ee just Nouten an eng gutt Stëmm. Déi ass gratis. Eng Musek kascht awer vill Suen. Nieft den Nouten, déi net fir näischt sinn, schléit d'Uschafung vun Instrumenter esou richteg an d'Keess. De Joresëmsaz vun der Concordia läit bei ëm déi 20'000 €. D'Gemeng ënnerstëtzt de Veräi mat engem gudde Subsid, schliisslech si Musek a Gesank och bei allen offizielle Manifestatioune vun der Gemeng präsent. De Recht vum Budget vun der Concordia gëtt duerch d'Hämmelsmärsch an den 3 Dierfer, Buergsonndeg, d'Memberskaarten a Sponsoring op de Concerten ofgedeckt. Ee Saxophon-Alt, dat Instrument wat den Ament am meeschte gefrot ass, kascht ëm déi 1'500 €, d'Präisser vun den Instrumenter leien, jee no Gréisst natierlech, tëscht 1'000 a 4'000 €. De President betount, dass si natierlech frou wären, wann och erëm méi jonk Leit Blosinstrumenter wéi Trompette, Zugposaun oder Tuba géife léieren.

### Een neie Proufsall an zwee Joer

Wéi gesot hu mer den Interview mam Fränz Jacobs am provisoresche Musekssall gefouert. Bis elo gouf jo an der aler Schoul zu Ierpeldeng geprouft. Déi gëtt awer deemnächst zum Deel ofgerappt an et entsteet ee ganz neie moderne Proufsall fir d'Concordia.
Wien schonn emol an deem ale Proufsall dobanne war, dee weess, dass dat net vu Muttwëll ass. An dat neit Musekshaus komme Säll fir d'Musek an de Gesank, mä och d'Musekschoul gëtt do ofgehalen. Am Fréijoer 2021 hoffe mer Iech deen neie Musekssall da kënnen hei an der Klack ze presentéieren.
Ervir ze hiewe bleift awer och nach, dass d'Musek schonn zanter 1991, also zanter 28 Joer, vum Jean-Paul Meis dirigéiert gëtt. Wann ee Chef esou laang bleift, da schwätzt dat och fir d'Ambiance am Veräin.
Der Concordia wënsche mer weider vill Erfolleg, vill Freed um Musizéieren a Sangen.



# Fréijoers-Impressiounen













| Datum | Manifestatioun | Organisator |
|---|---|---|
| 21.06.2019 | **Inauguration "Bicherkabinn" à Erpeldange-sur-Sûre** | EIS & Commune |
| 22.06.2019 | **Te Deum a Fakelzuch zu Ierpeldeng un der Sauer**<br>**Veille de la Fête Nationale à Erpeldange-sur-Sûre** | Concordia, Syndicat d'Initiative a Gemeng |
| 30.06.20219 | **Rail & Trail - Départ Michelau, catering Birckelshaff** | ORT & Syndicat d'Initiative |
| 03.07.2019 | **Inauguration officielle du Camping "Gritt" à Ingeldorf** | Commune |
| 11.07.2019 | **Summerfest am Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden - Fête d'été** | Club Senior Nordstad |
| 20.07.2019 | **Lee Trail Run - Championnats nationaux Trail courte distance**<br>**Passage à Erpeldange-sur-Sûre** | CAPA |
| 21.07.2019 | **MTB Championnats nationaux - Passage à Ingeldorf** | Vëloclub Diekrich |
| 06-11.08.2019 | **Tournoi de football "Coupe de la Sûre"** | FC 72 Ierpeldeng |
| 30.08. - 01.09.2019 | **Last Summer Dance Festival am Schlasspark zu Ierpeldeng-Sauer**<br>**Festival Last Summer Dance au parc autour du Château d'Erpeldange-sur-Sûre** | Last Summer Dance asbl |
| 07.09.2019 | **Hämmelsmarsch zu Ierpeldeng-Sauer** | Concordia |
| 07/08.09.2019 | **Kiermes / Kermesse**<br>**Centre Culturel et Sportif zu Ierpeldeng-Sauer / à Erpeldange-sur-Sûre** | Syndicat d'Initiative |
| 15.09.2019 | **Vëlosdag am Sauerdall - Journée du vélo dans la vallée de la Sûre** | Communes Erpeldange-Sûre & Bourscheid |
| 11-12.10.2019 | **Second-Hand Maart (Kannersaachen) mat Vide Grenier**<br>**Marché second-hand (articles pour enfants) & vide grenier**<br>**Centre Sportif et Culturel zu Ierpeldeng-Sauer / à Erpeldange-sur-Sûre** | Hobbyclub |
| 13.10.2019 | **Journée de la Commémoration Nationale** | |
| 25.10.2019 | **Soirée Raclette** | FC 72 Ierpeldeng |
| 02.11.2019 | **Hämmelsmarsch zu Bierden** | Concordia |
| 08/09.11.2019 | **Bal populaire "Halli Galli"**<br>**Centre Culturel et Sportif zu Ierpeldeng-Sauer / à Erpeldange-sur-Sûre** | Club des Jeunes Ierpeldeng |
| 08.11.2019 | **Kiermesbal am Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden - Bal de Kermesse** | Amicale Burden |
| 09.11.2019 | **Den Dag vum Bam / Journée de l'arbre** | Commune Erpeldange-Sûre |
| 16-24.11.2019 | **Theaterowender zu Bierden / Représentations théâtrales**<br>**Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden / à Burden** | Theaterclub "Ierpeldeng Trau Dech" |
| 28.11.2019 | **Hierkenowend am Centre Culturel "A Maesch" zu Bierden** | Amicale Burden |
| 01.12.2019 | **De Kleeschen kënnt / St Nicolas arrive**<br>**Centre Culturel et Sportif zu Ierpeldeng-Sauer / à Erpeldange-sur-Sûre** | Syndicat d'Initiative mat der Concordia an der Gemeng |
| 01.12.2019 | **Marché de Noël - Chrëschtmaart** | FC 72 Ierpeldeng |
| 08.12.2019 | **Concert "Sing 4 you" au Centre Culturel "A Maesch" à Burden** | Commission culturelle |
| 12.12.2019 | **Chrëschtfeier 60+ / Fête de Noël 60+** | Syndicat d'Initiative |
| 22.12.2019 | **Chrëschtconcert / Concert de Noël** | Concordia |
| 25.12.2019 | **Bal populaire "Chrëschtnuechtbal"**<br>**Centre Culturel et Sportif zu Ierpeldeng-Sauer / à Erpeldange-sur-Sûre** | Club des Jeunes Ierpeldeng |

## D'Gemengeverwaltung / L'administration communale

| | |
|---|---|
| Tél. | 81 26 74 1 |
| Fax: | 81 97 08 |
| Adresse: | 21, Porte des Ardennes<br>L-9145 ERPELDANGE-SÛRE |
| Adresse postale: | B.P. 39 L- 9001 Ettelbruck |
| Site Internet: | www.erpeldange.lu |

Heures d'ouverture:

| | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| matin | 7.30-11.30 | 7.30-11.30 | fermé | 7.30-11.30 | 7.30-11.30 |
| après-midi | 13.00-18.00 | 13.00-16.30 | | 13.00-16.30 | 13.00-16.30 |

Numéros de téléphone utiles:

| | |
|---|---|
| COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS | |
| GLEIS Claude, bourgmestre | 621 73 45 46 |
| PIERRARD Romain, échevin | 661 80 29 93 |
| LEIDER Gilbert, échevin | 621 35 64 84 |
| SECRÉTARIAT | secretariat@erpeldange.lu |
| TROES Paul, secrétaire communal | 81 26 74 301 |
| WEIS Yves, rédacteur | 81 26 74 305 |
| MANUELLI Carole, rédacteur | 81 26 74 311 |
| BUREAU DE LA POPULATION | |
| MELCHIOR Claude, expéditionnaire | 81 26 74 304 |
| EVEN Claude, rédacteur | 81 26 74 314 |
| RECETTE | recette@erpeldange.lu |
| KREMER Carlo, receveur communal | 812674 307 |
| SERVICE TECHNIQUE | techniques@erpeldange.lu |
| Adresse: | 120, Porte des Ardennes<br>L-9145 ERPELDANGE/SÛRE |
| Adresse postale: | BP 39 L-9001 Ettelbruck |
| Fax: | 26 81 06 51 23 |

| | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| matin | sur rdv. | 9.00-11.30 | sur rdv | 9.00-11.30 | sur rdv. |
| après-midi | | sur rdv | | sur rdv | |

| | |
|---|---|
| KLEIN Sandy, ingénieur industriel | 26 81 06 51-21 (seulement les matins) |
| HAAS Kevin, expéditionnaire technique | 26 81 06 51 -22 |
| ATELIER COMMUNAL | atelier@erpeldange.lu |
| Adresse: | 9, rue Gruefwee<br>L-9147 ERPELDANGE-SÛRE |
| DE KROON Romain, ouvrier dirigeant | 26 81 06 50 / 621 35 27 17 |





## INVITATIOUN

# Nationalfeierdag 2019

### *Samschdes, den 22. Juni 2019*

De Syndicat d'Initiative, d'Gemengeverwaltung an d'Veräiner aus der Gemeng invitéieren Iech un de Feier-lechkeeten um Virowend vu Nationalfeierdag deel ze huelen.
Offizielle Programm:
**20:45 Auer:** Rendez-vous virun der Parkierch zu Ierpeldeng un der Sauer.
**21:00 Auer:** Te Deum gesonge vun der Chorale Concordia Ierpeldeng.
Duerno Usprooch vum Buergermeeschter Claude Gleis op der Kiercheplaz.
**21:45 Auer:** Fakelzuch durch d'Stroosse vun der Uertschaft. Fir Sécherheet suergen d'Pompjeeën Angelduerf, de musikaleschen Encadrement mécht d'Concordia Ierpeldeng.
**22:30 Auer:** Volleksfest am Birckelshaff.
Gedrénks a Gegrilltes gi vun der Gemeng offréiert a vun de Membere vun de Veräiner Tennis Cub an Hobby Club servéiert.
Musikalesch Animatioun mat der Museksgrupp **Ferocious Few.**

De Schäfferot
Claude Gleis, Buergermeeschter
Romain Pierrard, Schäffen
Gilbert Leider, Schäffen

De Syndicat d'Initiative Ierpeldeng/Sauer
Laurent Lacour, President

## INVITATION

# Fête nationale 2019

### *Samedi, le 22 juin 2019*

Le syndicat d'initiative, en collaboration avec l'administration communale et les sociétés de la commune vous invite cordialement à participer aux festivités à l'occasion de la veille de la fête nationale.
Programme des festivités:
**20:45 heures:** Rendez-vous devant l'église paroissiale d'Erpeldange-sur-Sûre.
**21:00 heures:** Te Deum chanté par la Chorale Concordia Erpeldange.
Après le Te Deum: Allocution de Monsieur le bourgmestre Claude Gleis.
**21:45 heures:** Retraite aux flambeaux à travers les rues de la localité. Les pompiers assument la sécurité du cortège, l'encadrement musical est signé Concordia Erpeldange.
**22:30 heures:** Fête populaire au Birckelshaff. Les grillades et les boissons sont offertes par la commune et servies par les membres des sociétés Tennis Club et Hobby Club.
Animation musicale avec le groupe **Ferocious Few**.

Le collège échevinal
Claude Gleis, Buergermeeschter
Romain Pierrard, Schäffen
Gilbert Leider, Schäffen

Le Syndicat d'Initiative Ierpeldeng/Sûre
Laurent Lacour, président

Ierpeldeng
un der Sauer